ADR
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An engem Artikel vu "Welt online" vum 16. Oktober 2020 mat dem Titel "Codename ‚Daniel' – die Spur des Terrors führt ins Zentrum Europas" gëtt eng international Policeaktioun géint e Versuch vun engem Attentat géint déi iranesch Oppositioun zu Paräis vu virun zwee Joer beschriwwen. An deem Artikel gëtt déi iranesch Regierung heifir verantwortlech gemaach. Am Artikel heescht et, ënner anerem:

*"Es ist der frühe Nachmittag des 28. Juni 2018, als ein iranisch-belgisches Ehepaar sich mit einem Mietwagen ihren Weg durch die Innenstadt Luxemburgs bahnt. Sie parken und gehen zu Fuß an der Rue Aldringen vorbei in Richtung Grand Rue, um dann das Kaufhaus Alima zu betreten.*

*Was Nasimeh Naami und Amir Saadouni nicht wissen: Ihre Bewegungen werden akribisch von der Polizei überwacht. ‚Erst als sie das Kaufhaus Alima betreten, wird die Observationsgruppe aufmerksam auf einen dritten Mann, der sich schon seit einiger Zeit in der Umgebung von Saadouni und Naami aufgehalten hatte', notiert der Beschattungsbericht. ‚Diese Person, die wir in diesem Bericht provisorisch ‚T3' genannt haben, geht auch in das Kaufhaus Alima.'*

*Was die luxemburgischen Beamten dort beobachten, ist ein klandestines Treffen zur Übergabe einer Bombe, die zwei Tage später in Villepinte nördlich von Paris hochgehen soll. Ihr Ziel: Das Jahrestreffen des oppositionellen Nationalen Widerstandsrates des Iran, an dem in diesem Jahr etwa 25.000 Menschen teilnehmen, darunter auch viele bekannte internationale Persönlichkeiten und Politiker. Im Visier sind vor allem die Präsidentin des Nationalen Widerstandsrates, Maryam Rajavi, die auch die Volksmudschahedin, die dominierende Organisation des Widerstandsrates, anführt"*

*Das erste Mal steht ein Staat für einen Anschlag vor Gericht*

*Wenige Stunden vor dem Anschlag verhaften die belgischen Behörden Naami und Saadouni auf dem Weg nach Paris und konfiszieren die Bombe. Schon in den ersten Verhören packen die beiden aus. Laut Verhörprotokollen gibt Saadouni preis, wer der geheimnisvolle Kontaktmann ‚T3' war, der ihnen in Luxemburg die Bombe übergab – mit 550 Gramm TAPT und einem*

*separaten Fernzünder, den sie in Naamis Damenkulturbeutel versteckten.*

*Es handelt sich um den dritten Botschaftsrat der iranischen Vertretung in Wien, Assadollah Assadi, Codename ‚Daniel'. Er wird am nächsten Tag in Deutschland verhaftet und später, trotz iranischer Proteste, an Belgien ausgeliefert. Ein weiterer Mitverschwörer, Undercover-Agent Mehrdad Arefani, der die Volksmudschahedin unterwandert haben soll, um den Anschlag vorzubereiten, wird später von Frankreich an Belgien ausgeliefert."*

Och ouni d'Geriichtsurteel ofzewaarden, weisen d'Beweiser an dësem Fall eendäiteg dorop hin, datt d'iranesch Regierung hei Verantwortung dréit. En iraneschen Diplomat war op Lëtzebuerger Territoire direkt an dës Aktioun impliziéiert.

An dem Kontext wéilt ech deenen Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung den Artikel aus der Welt online confirméieren?
2. Wa jo, wéi eng lëtzebuergesch Déngschter waren un dëser Aktioun bedeelegt?
3. Huet Lëtzebuerg, respektiv d'EU wëlles, Sanktioune géint déi iranesch Féierungsspëtzt ze verhänken?
4. Wéi affektéiert dës iranesch, terroristesch Aktivitéit vum Iran zu Lëtzebuerg eis bilateral Relatiounen zu dem Staat?
5. Huet d'Lëtzebuerger Regierung den iranesche Botschafter an dëser Affär aberuff fir eng offiziell Erklärung ze kréien? Huet d'Regierung bei der Regierung zu Teheran intervenéiert a protestéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten